N°3377
Entrée le 15.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der **Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°**3377 vum 22 Dezember 2025 vun den éierewäerten Deputéierten Stéphanie Weydert an Jeff Boonen

**Wéi ass Situatioun vum** "Lumpy Skin Disease" am Moment zu Lëtzebuerg?

Zu Lëtzebuerg ass bis ewell nach kee Fall vu "Lumpy Skin Disease" nogewise ginn. D'Situatioun zu Lëtzebuerg gëtt aktiv iwwerwaacht woubäi 2025 11 Analysen ob LSD duerchgefouert goufen.

**Huet sech zanter dem Juli eppes un de Recommandatioune vun der Administration** luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire (ALVA) geännert? Wa jo, wat?

D'ALVA huet d'Betriber sensibiliséiert zu de neie Fäll vun LSD, dass am Fall vun engem Verdacht schnellstméiglech Kontakt mam Veterinaire oder mat der ALVA opzehuelen ass.

Déierenhalter goufen doriwwer informéiert, hir Biosécherheetsmoossnamen um Betrib ze verstäerken, wéi beispillsweis am Fall vun engem Zoukaf sécherzestellen, datt nëmme Béischten aus fräie Gebidder mat engem Gesondheetszertifikat an déi uschléissend obligatoresch Quarantaine respektéiert ginn. Generell gouf recommandéiert d'Déieren, no Méiglechkeet, géint Vektoren ze schützen.

De Groussdéiereveterinaire goufe konkret Virgoensweisen am Fall vun engem Verdacht matgedeelt.

Ass d'ALVA virbereet, wa sollt e Fall vun LSD hei zu Lëtzebuerg detektéiert ginn?

Jo, am Fall vun LSD zu Lëtzebuerg setzt d'ALVA d'Moossnamen no der europäescher Déieregesondheetsgesetzgebung , déi an engem nationalen "Plan d'urgence" festgeluecht sinn, ëm.

**Wat fir Moossname ginn am Fall vun engem positive Befund ergraff?**

LSD ass, laut Europäescher Déieregesondheetsgesetzgebung, kategoriséiert als eng A-Krankheet, d.h. bei engem positive Foyer vun LSD ass eng direkt Eradikatioun virgeschriwwen.

D'Moossname bestinn aus Bekämfungsmesuren, wou engersäits d'Euthanasie vun dem betraffene Rannerbestand an déi fachgerecht Eliminatioun vun de Kadavere virgesinn ass. De positive Betrib gëtt adequat gebotzt, desinfizéiert an desinsektizéiert.

Anerersäits ginn ëm de positive Betrib eng "Zone de Protection" an eng "Zone de Surveillance" mat strenge Restriktiounsmesuren an enger verstäerkter Iwwerwaachung vun den Béischten en place gesat.

D'Duerchféiere vun der Noutfallimpfung ass een Deel vun dëse Moossnamen .

**Huet d'ALVA genuch Impfdosen op Stock, falls no engem positive Fall d'Béischte musse geimpft** ginn?

Et gëtt e Kontrakt mat engem Impfstoffhiersteller, dee kuerzfristeg 200.000 Dosen Impfstoff garantéiert zur Verfügung stellt fir eng Noutfallimpfung duerchzeféieren.

Ginn et no de Protester Bestriewungen, déi aktuell eenheetlech europäesch Reegelungen am Fall vun LSD ze adaptéieren?

Et ginn aktuell keng konkret Bestriewunge fir déi europäesch Reegelen a Punkto LSD-Reegelungen ze adaptéieren. Eng Zréckstufung vun enger Krankheet bedéngt ee laangwierege Prozess, dee matt enger wëssenschaftlecher Risikoanalys verbonnen ass.

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2026

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN